






Och dëst Joer ass d´Fëschersaison vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg zu Sommedieue ugaangen. Leider ass eisen Start ee bëssen moër ausgefall haten sech dach nëmmen néng Fëscher afonnt fir zesummen ze fëschen. War et dass Verschiddener krank waren oder verhënnert, ech selwer war am Ausland, jiddverfalls war eis éischt Sortie schwaach besat an och soss schéinen eis Fëscher net esou richteg aus dem Wanterschloof ze erwäschen, mol hoffen dass et net esou weidergeet. Mee déi Fëscher déi sech afonnt haten konnten awer ee schéinen Dag beim Waasser erliewen an

wann ech d´Fotoen kucken déi ech frëndlecher Weis vum Marie Paule zur Verfügung gestallt kritt hunn, dann waren d´Fësch och um Rendezvous.










Den Optackt ass jidverfalls gelongen esou dass elo als Nächst den 11. Mäerz eis Coupe Patrick Riehl um Programm steet wou mir ewéi all Joers eist Frëndschafts Fëschen zu Éieren vun eisem vill ze fréi verstuerwenen Frënd den Patrick op den Weieren zu Rolleng ausdroen. Hei haten mir

an der Vergaangenheet ëmmer vill Chance mam Wieder an hoffenrtlech wäert dat och dëst Joer den Fall sinn, dann steet engem flotten gesellegen Dag näischt méi am Wee. Uschléissend un eis Coupe Patrick Riehl fënnt dann den 17. Mäerz eis Generalversammlung zu Lamadelaine op den Weieren statt wou mir dann och traditioneller Weis den Dag drop zesummen fëschen ginn awer net ewéi an der Vergaangenheet op Rabais mee dës Kéier ginn mir op Freux.









